

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*D'Ackerbauschoul kritt eng nei Adress*", deen den 9. August um Zitt vun RTL publizéiert gouf, heescht et, datt an enger fréierer Phase mat der Erëffnung vum neie Gebai vun der Ackerbauschoul och en Internat geplangt war, mee, datt dës Iddi schlussendlech net ëmgesat gouf, obwuel eng kloer Nofro do ass. Et ass dovun auszegoen, datt dës Nofro net zulescht aus dem Ëmstand resultéiert, datt dee lo just genannte Lycée eng Rei spezialiséiert Formatiounen ubitt, awer fir vill Schüler aus anere Regione vum Land, nëmme schwéier ze errechen ass.

An deem Zesammenhang géife mir dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, firwat d'Iddi vun engem Internat fir d'Ackerbauschoul schlussendlech net zeréckbehale ginn ass?
- 2) Wéi gedenkt den Här Minister op dee Probleem ze reagéieren, datt verschidde Schoule mat spezialiséierte Formatiounen, laut deem uewen zitéierten RTL-Artikel zum Beispill och d'Hotelsschoul fir vill Schüler jee no Hierkonftsregioun ganz schwéier ze erreche sinn?
- 3) Gesäit den Här Minister d'Gefor, datt ze laang Trajeten sech negativ op d'Leeschtung vun deene betraffene Schüler kënnen auswierken? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten